SÉANCE 11

Mardi, 2 décembre 2008

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

Sommaire

1. Communications
- *M. le Président*

2. 5960 - Proposition de loi portant modification des conditions d'admission à la fonction d'instituteur - modifiant l'article 30 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire
- *Déclaration de recevabilité*

3. Ordre du jour
- *M. le Président*

4. Dépôt d'une motion par M. Charles Goerens
- *M. Charles Goerens*

5. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009
- *Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Norbert Haupert*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Déi Häre Ministeren, Madame Minister, huet d'Regierung der Chamber Matdeelungen ze maachen?

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Neen, Här President.

1. Communications

M. le Président.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et la proposition de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

5958 - Projet de loi ayant pour objet de modifier: 1) l'article 832-4 du code civil; 2) la loi du 9 juin 1964 concernant le travail agricole à salaire différé

Dépôt: Monsieur Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 19.11.2008

5959 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 26.11.2008

5960 - Proposition de loi portant modification des conditions d'admission à la fonction d'instituteur - modifiant l'article 30 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

Dépôt: Monsieur Claude Adam, le 26.11.2008

5961 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République portugaise concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 22 février 2008

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 26.11.2008

5962 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Croatie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 26.11.2008

5963 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Albanie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 26.11.2008

2. 5960 - Proposition de loi portant modification des conditions d'admission à la fonction d'instituteur - modifiant l'article 30 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 27. November huet d'Presidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech êm d'Propositioun, déi ech virdru mentionnéiert hu vum honorabelen Här Adam iwwert d'Conditions d'admission zum Beruff vum Schoulmeeschter.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

3. Ordre du jour

An hirer Réunioun och vum 27. November huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer fir d'éischt d'Presentatioun vum Rapport iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2009 vum honorabelen Här Norbert Haupert.

Muer de Mëtteg um hallwer dräi héiere mer d'Ausféierunge vum Stats- a Finanzminister souwéi vum Budgetsminister iwwert de Statsbudget 2009, de Projet de loi 5855, an dann nach de Projet de loi 5898 iwwert de Bau vun engem Verwaltungsgebai zu Belval.

En Donneschdeg um hallwer dräi hu mer d'Visite an d'Deklaratioun vum President vun der Europäescher Kommissioun, dem Här José Manuel Barroso.

Dat war den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virgeschloen huet. Ech sinn awer konfrontéiert mat engem Bréif vum honorabelen Här Clement vun der Bautekommissioun. Seng Kommissioun freet, fir de Projet de loi 5898 vum Ordre du jour erofzehuelen an dësen zesumme mam Projet de loi iwwert de Bau vun enger Maison du savoir zu Belval an enger anerer Sitzung ze evakuéieren. Ech géif da proposéieren, dass mer d'Propositioun vun der Presidentekonferenz an deem Sënn amendéieren, dass mer de Projet erofhuelen.

Ass d'Chamber d'accord mat dësem modifizéierten Ordre du jour?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den honorabelen Här Charles Goerens freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun.

4. Dépôt d'une motion par M. Charles Goerens

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här President, ech wollt d'Wuert froen, fir den Dépôt vun enger Motioun ze maachen, déi d'Regierung invitéiert, fir virum 31. Mäerz 2009 e Budget rectifié eranzereechen. Well mir an turbulenten Zäite liewen an all Dag nei Momenter kommen, hätte mer gär, wa mer dann en Dokument hätten, wat esou no wéi méiglech bei der Wierklechkeet läit.

Motion

La Chambre des Députés,

- notant que le projet de budget, déposé en date du 1er octobre 2008 à la Chambre des Députés, table sur une croissance du PIB de trois pour cent pour l'année 2009 et un déficit budgétaire de un pour cent selon les normes européennes;

- constatant que devant la toile de fond de la crise économique et financière nombre d'organisations internationales ainsi que le Statec ont révisé leurs prévisions économiques pour les années 2009 et 2010 à la baisse au cours des dernières semaines;

- considérant qu'au vu des nouvelles prévisions économiques la croissance économique va fortement chuter en 2009 entraînant, par conséquent, des baisses de recettes fiscales et un déficit de l'Administration centrale;

- constatant que le projet de budget déposé par le Gouvernement ne répond dès lors plus au critère de la véridicité budgétaire;

invite le Gouvernement

- à déposer au plus tard jusqu'au 31 mars 2009 un projet de budget rectifié pour l'exercice 2009 tenant compte des récentes prévisions avec leurs implications économiques, sociales et financières.

(s.) Charles Goerens.

M. le Président.- Ech ginn dem Här Goerens Akt vum Dépôt vun dëser Motioun. Ech géif proposéieren, dass mer dës Motioun muer de Mëtteg no den Deklaratioune vum Här Finanzminister a vum Här Budgetsminister géifen diskutéieren an ofstëmmen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zu deem eenzege Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, de Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi vum Statsbudget fir d'nächst Joer, an dat esou wéi et am Artikel 109 vum Chambersreglement festgehalen ass. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupert. Här Haupert, wann ech gelift.

5. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, wéi ech e klenge Bouf war an et ass mer emol eppes zougestouss, wou ech gemengt hunn, d'Welt géif fir mech zesummebriechen, dunn huet meng Mamm mech getréischt a gesot: Mäi Jong, mierk der eent, am Liewe kann der näischt geschéien, wat esou schlëmm ass, datt net dach nach eppes Guddes drun ass.

Fir vill Leit ass mat der Finanzkris eng Welt zesummegebrach. Ech denke besonnesch un déi kleng Leit an Amerika, déi vun haut op muer hiert schwéier erschafftent Haus verluer hunn.

Wa mer et dann dach nach géife fäerdeg brëngen, datt an Zukunft d'Finanzmäert an d'Finanzinstituter op der ganzer Welt sech enger adequater Regulatioun an Iwwerwaachung ënnerwerfe missten, an e Verhalenskodex opgestallt kéint ginn, fir ze verhënneren, datt d'Bänker exzessiv Risiken aginn, fir hir Profiter ze maximiséieren, fir datt esou d'Finanzinstituter sech erëm op hir Haaptaufgab besënne kënnen, déi dora besteet, Kreditter ze accordéieren, Verméigen ze géréieren a gesond Finanzberodung ze offréieren, da wier dach nach eppes Guddes un der Kris gewiescht, och wann dat de Leit, déi Hab a Gutt verluer hunn, wéineg brëngt.

Dëse Budgetsrapport geet net an d'Annale vun den normalen, den traditionelle Rapporten an, well e jo och net an eng normal Zäit erafält. Dëse Rapport konnt net erstallt ginn, ouni de Kontext vun der Finanzkris, déi mëttlerweil d'Realwirtschaft agefaangen huet, ze betruechten. Et ass och am Hannergrond vun de viraussiichtleche Konsequenze vun de Schwieregkeeten op den internationale Finanzmäert, datt d'Regierung d'Akzenter vun dësem Budget gestallt huet.

Dëse Budget soll:

- Éischtens, déi virsiichteg Finanzpolitik, déi vun de successive Regierungen an deene leschte Jore gefouert gouf, weiderféieren;

- zweetens, de Bierger an de Betriber hiert Vertrauen an d'Zukunft vun eiser Wirtschaft oprechterhalen a gegebenenfalls nach stäerken;

- drëttens, d'Kafkraaft, besonnesch vun de Leit mat niddregem Akommes, stäerken an déi öffentlech Investitiounen op engem héijen Niveau halen, fir datt déi Entreprisen, déi bei eis am Land hir Steiere bezuelen, weider schaffen an och esou weider Leit beschäftege kënnen,

- a véiertens, antizyklesch op eng sech bemierkbar maachend Rezessioun awierken.

A kuerze Wierder: Et ass e Budget vun der Virsiicht, vum Vertrauen, vun der politescher Responsabilitéit a vun der konjunktureller Vernunft.

Här President, ee Budgetsrapport ze erstellen, ass eng nobel, eng faszinant, eng beräichernd, awer och eng haart Aarbecht. Faszinant a beräichernd, well se dem Rapporteur iwwert de Wee vun enger voluminéiser Dokumentatioun a vun interessante Gespréicher mat Leit aus Regierung, de Verwaltungen, der Privatwirtschaft an der ziviler Gesellschaft d'Méiglechkeet bitt, fir a sämtlech Beräicher vun eiser politescher Aktivitéit en Abléck ze kréien.

Et ass keng liicht Aufgab, well se dem Rapporteur a kuerzer Zäit e regelrechte Marathon ofverlaangt. Dës Mammutaufgab besteet aus der Analys vun engem Gesetzesprojet mat dräi Volumen an iwwer 700 Säiten, aus eelef Sëtzunge vun der Finanz- a Budgetskommissioun, aus 28 Entrevuë mat de Verantwortlechen aus de Ministèren, de Verwaltungen, der Privatwirtschaft an der Zivilgesellschaft, aus der Analys vun néng Avisë mat iwwer 600 Säite vun de Beruffschamberen, dem Statsrot, dem Rechnungshaff an der Zentralbank. An dat alles an engem Zäitraum vu sechs bis siwe Wochen.

Dernieft hat ech d'Initiativ ergraff, fir mech mat Schüler vun den ieweschte Klasse vu verschiddene Lycéeën aus dem Land iwwert de Budget ze ënnerhalen. D'Objektiv war, fir iwwert de Wee vum wichtegste Gesetzesprojet vum Joer de Jongen a Meedercher aus eise Schoulen d'Problematik vun de Statsfinanzen ze erklären an hinnen doriwwer d'Politik vun eisem Land e wéineg méi no ze brëngen. Ech muss gestoen, datt ech agréabel iwwerrascht war iwwert de groussen Interessi, op deen ech bei hinne gestouss sinn. Och dat war wierklech interessant.

Dës Aarbecht kann een awer net eleng a sechs Woche bewältegen. Et muss een op d'Informatiounen an d'Erklärunge vu ville Beamten zréckgräife kënnen a sech op d'Mathëllef vun de Mataarbechter aus der Chamber a besonnesch aus der Fraktioun verloosse kënnen. Och d'Kontributioune vun de Kolleegen aus der Finanz- a Budgetskommissioun bei Geleeënheet vun eise ville Réunioune ware mer eng grouss

Hëllef bei der Erstellung vu mengem Rapport.

Net ze vergiesse meng Fra, déi an där Zäit vill Versteesdemech huet missen opbrénge fir d'Hektik, an där ech mech beweegt hunn, an déi vill Sacrificer an Entbierungen an all där Zäit huet missen iwwer sech ergoe loossen.

Ech wëll hinnen all vun dëser Plaz aus en häerzleche Merci soen. Ech si sécher iwwerzeegt, datt jiddfereen, deen ech viséiert hunn, sech an de Mercien erëmfënnt. E besonnesche Merci awer dem Fraktiounssekretär Frank Engel, dem Fraktiounsconseiller Nico Loes, an eise Mataarbechter Marc Reiter a Max Hengel, déi mer bei der Gestaltung an dem Iwwerschaffe vun dësem Rapport ganz staark zur Säit stoungen.

Här President, d'Kris, déi amgaang ass sech ze globaliséieren, huet hiren Ursprong an der sougenannter „subprime crisis" an Amerika fonnt, déi ufanks nëmmen de Finanzsecteur beréiert huet. Iwwerdimensionéiert Hypothéikekreditter ouni genügend Ofsécherungen hunn den amerikaneschen Immobiliëmaart an deem Mooss emballéiert, datt jiddferee gemengt huet, et kéint ëmmer esou weidergoen. D'Banken hunn äifreg geléint an der Meenung, d'Immobiliëpräisser géife permanent weider klammen, esou datt hir Hypothéik, déi ufanks bis zu 100% vum Uschafungspräis gereecht huet, sech lues a lues an normal Paragë géif zréckbewegen.

Dat hätt kënne klappen, wann net iwwerschélte Bierger op eemol mat dem Zréckbezuele vun hirer Hypothéikschold net méi nokomm wieren an de Banken, fir hir Hypothéik anzeléisen, d'Haiser hätte misse verkafen. Dat huet d'Präisser vun den Immobilien no ënne gedréckt, esou datt de Verkafspräis net méi duergoung, fir d'Hypothéikekreditter ze decken.

D'Banken, déi vill vun deene Kreditter accordéiert haten, stounge mam Réck widdert der Mauer, well se a Liquiditéitsschwieregkeete komm sinn. Oft hate se hir Kreditter titriséiert, esou datt se an de Portefeuillë vun anere Banken an a Fongen ënnergetaucht sinn, an esou déi Banken, déi dës Fonge bei sech opgeluecht hunn, mat a Schwieregkeete gerappt hunn.

Dernieft huet de Finanzengineering, fir d'Geschäft nach méi rentabel ze gestalten, ëmmer erëm nei Finanzprodukter erfonnt, déi sougenannten Derivaten, Futures an anerer méi, deenen hire Wäert total vun der Realwirtschaft lassgeléist ass, deenen hir Valeur notionnelle, wéi een esou schéi seet, a Fonctioun vum Wäert vun den ënnergeuerdnete Produkter evoluéiert.

Esou goufen d'lescht Joer op der Bourse Produkter am Wäert vu véiermol dem wierkleche Wäert vun alle Gidder weltwäit gehandelt. A gudden Zäite stellt dat kee Problem duer, well déi Finanzprodukter op de Bourssen och meeschtens e gudden Echo fannen.

Wéi d'„subprime crisis" sech manifestéiert huet, hunn d'Bourssen awer och reagéiert. De Cours vun deenen Instrumenter ass séier an drastesch gefall. D'Banken, déi vill vun deene Produkter an hire Portefeuillen haten, hunn d'Vertraue vun den Investore verluer an hire Cours ass och no ënne gefall. Déi kleng Spuerer hunn och d'Vertrauen an d'Banke verluer. Si hunn hir Erspuernisser net méi sécher an de Banke geschat an hunn d'Suen zréckgefrot. D'Liquiditéite vun de Banke gounge lues a lues aus. Déi betraffe Banken hunn och d'Vertraue vun deenen anere Banke verluer, esou datt de Crédit interbancaire fir si net méi gespillt huet.

Si haten op eens net méi genuch Geld flëssig, fir der Nofro vun hire Clienten, déi hir Erspuernisser wollten zréckbezuelt kréien, nokommen ze kënnen. Si waren net méi solvabel an hätte se net vu Regierungssäit finanziell Hëllefen zougestane kritt, hätte si hir Schaltere missen zoumaachen, obschonn d'Gesamtsituatioun vun hirem Bilan emol net esou schlecht war.

Wann de Bankekredit net méi normal fonctionnéiert a bei de Konsumente weltwäit Zweifel opkommen, da fänken d'Entreprisen och un, hir Produktioun ze drosselen. D'Finanzkris schwappt op d'Realwirtschaft iwwer. Et ass dat, wat mer momentan erliewen.

Wéi dat Ganzt sech op déi national Wirtschaft an domat op de Budget vun 2009 wäert auswierken, kann ee mat Bestëmmtheet net soen. Déi grouss Wirtschaftsexperte vum FMI, der OCDE an der Europäescher Kommissioun hunn hir Prognosen iwwert déi wichtegst Wirtschaftsparametere staark no ënne reviséiert. Mir befannen eis a kengem Katastrophenzeenario, awer, fir eise Statsminister ze zitéieren: Mir liewen an engem séier onsécheren Ëmfeld. An esou engem Fall ass Panikmacherei net ubruecht, dee Message läit och net an der Budgetsvirlag dran.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2007 war nach en exzellent Joer fir eis Ekonomie, wann och net gradesou gutt wéi dat Joer virdrun. De Wirtschaftswuesstum louch bei 4,5%. De Chômage goung zréck an d'Inflatioun huet sech a Grenze gehalen. Den Exercice huet mat engem Iwwerschoss vun iwwer 450 Milliounen ofgeschloss, während am Budget, deen d'Chamber gestëmmt hat, en Defizit vun 180 Millioune virgesi war. D'Recettë louchen ëm 890 Milliounen Euro méi héich wéi am Budget ageschriwwen, wat op déi gutt Leeschtung vun eiser Wirtschaft zréckzeféiere war.

Déi reell Dépensë sinn nëmmen ëm 55 Millioune geklommen, wat d'Rigueur, mat där de Budget exekutéiert gouf, eemol méi ënnersträicht a wouzou een eise Budgetsminister wierklech félicitéiere muss. Am Ganze konnten d'Spezialfonge mat 650 Millioune méi dotéiert ginn, wéi dat am ursprüngleche Budget virgesi war.

2008 wäert eis Wirtschaft dee Wuesstum net erreechen, deen am Budget virgesi war. Amplaz vu 4,5% Wuesstum wäerte mer eis mat 2,5% zefridde misse ginn. Den Aarbechtsmaart wäert och net esou schnell wuesse wéi virgesinn, an d'Inflatioun wäert wesentlech méi héich leie wéi am Budget virgesinn, wat op déi héich Pëtrols- an Agrarpräisser zréckzeféieren ass.

Um 31. Oktober vun dësem Joer louchen d'Recetten ëm 6% méi héich wéi um selwechten Zäitpunkt dat Joer virdrun. Wann déi Tendenz sech géif bis zum Schluss vum Joer confirméieren, da kéinte mer dëst Joer erëm mat enger Plus-value vun ëm déi 500 Milliounen Euro rechnen. D'Cour des Comptes kënnt mat hire Rechnungen op 603 Milliounen. Wa mer als Hypothees huelen, datt déi reell Statsausgaben an dësem Joer am selwechte Mooss wéi d'lescht Joer par rapport zum Budget wuessen, dat heescht ëm 0,7%, da kéime mer dëst Joer op en Iwwerschoss am Statsbudget vun ongefëier 420 Milliounen, an net op en Defizit vun 20 Milliounen, esou wéi et am Budget virgesinn ass.

Dësen Ëmstand ass deelweis op eng aussergewéinlech Steigerung vun der TVA zréckzeféieren, déi sech iwwer eng Steigerung vum interne Konsum erkläert. Deen erëm fënnt zum Deel seng Ursaach an der Stäerkung vun der Kafkraaft, déi mer iwwert de Budget duerch d'Upassung vum Steierbarème an d'Aféiere vum Kannerbonus déclenchéiere wollten.

Et ass unzehuelen, datt den Iwwerschoss, dee mer dëst Joer wäerten ze verbuche kréien, ganz an d'Spezialfonge fléisse wäert. De Projet vum Statsbudget ass opgrond vun de Wirtschaftsparameteren opgestallt ginn, déi der Regierung am Moment, wou de Budget opgestallt gouf, bekannt waren: e Wirtschaftswuesstum vun 3%, eng Croissance vun der Beschäftegung vun 2,7% an eng Inflatioun vun 2,4%.

An der Tëschenzäit hunn déi Parametere bestänneg geännert, esou datt et schwéier ass, nach iergendeng Pronostic ze woen. Sämtlech Prognose weisen awer an d'Richtung, datt weder de Wirtschaftswuesstum nach de Beschäftegungswuesstum kënnen erreecht ginn an datt d'Inflatioun par contre méi niddreg kéint ausfale wéi virgesinn.

An deem Fall ass et scho méiglech, datt déi Recetten, déi am Budget ageschriwwe sinn, schwéier ze realiséiere sinn. Et muss een awer ervirhiewen, datt d'Recetten nach all Joer virsiichteg ageschat goufen, wat dann och all Kéier zu Plus-valuë gefouert huet.

Et kéint een also, ganz optimistesch betruecht, unhuelen, datt mer dëst Joer vläicht dach nach mat enger Null-Plus-value rechne kéinten an esou mat engem bloen A dovukéimen.

Well d'Recetten also schwéier genau anzeschätze sinn an den Ausgabebudget esou agencéiert ass, fir d'Kafkraaft vun de Ménagen an d'Investitiounscapacitéite vun de Betriber ze stäerken, fir esou dem Rezessiounstrend entgéintzewierken an de Leit dobaussen hiert Vertrauen ze stäerken, huet d'Regierung mat der Chamber décidéiert, fir de Budget net ze änneren an en esou, wéi e projezéiert ass, der Chamber zum Vote ze presentéieren.

Dës Décisioun huet och d'Zoustëmmung vun alle Parteien an der Finanzkommissioun fonnt, an an allen Avisen, déi eis virgeluecht goufen, ass och dës Démarche begréisst ginn.

Déi wichtegst Mesuren, déi d'Regierung virschléit, fir d'Kafkraaft vun de Ménagen ze stäerken an d'Produktioun vun de Betriber oprechtzeerhalen, sinn: d'Indexupassung vum Steierbarème vun 9%, d'Aféiere vun engem Steierkredit fir Loun- a Rentenempfänger an Elengerzéier, d'Steiermoossname fir de Wunnengsbau, d'Aféiere vun engem Système chèque-crédit, d'Verduebele vun der Heizungszoulag, - déi an eng Deierechtzoulag ëmbenannt gëtt -, d'Erofsetze vun dem Taux vun der Kollektivitéitssteier vun 22 op 21%, d'Ofschafe vum Droit d'apport, d'Erweidere vum Krees vun de Bénéficiairë vun der Exonératiounvun der Besteierung vun den Dividenden.

D'Kolleege Laurent Mosar a Lucien Thiel wäerte bei Geleeënheet vun der Diskussioun iwwert d'Gesetzesprojete betreffend d'Steierreformen hei an der Chamber am Detail op déi Mesuren agoen, esou datt ech se nëmme kuerz wäert beliichten.

Wat déi physesch Persounen ubelaangt, esou gesäit d'Reform haaptsächlech d'Upassung vum Steierbarème an d'Ersetze vun den Abattementer fir Loun- a Pensiounsempfänger an Elengerzéier duerch e Steierkredit vir. Dës Moossname bedeite fir de Stat eng supplementar Charge vu 440 Milliounen. D'Leit hunn also d'nächst Joer 440 Milliounen Euro méi ze verzieren, ze investéieren oder gegebenenfalls ze spueren. Iwwert d'Upassung vum Barème huet all Steierzueler am Joer 2009 tëscht 350 an 1.640 Euro méi Akommes, jee no der Héicht an der Zesummesetzung vu sengem Revenu, jee no der Kompositioun vu sengem Stot.

Déi Ménagen, déi keng Steiere bezuelen, an dat sinn der 38% bei eis am Land, kënnen awer vun esou enger Steiermoossnam net profitéieren. Dofir huet d'Regierung proposéiert, fir déi uewe genannten Abattementer a Steierkreditter ëmzeänneren. Déi Moossnam ass eng Nulloperatioun fir déi, déi bis elo deen Abattement steierlech konnte geltend maachen. Si bréngt de Leit, déi bis elo keng Steiere bezuelt hunn, en Avantage vun 300 Euro a fir den Elengerzéier 300 + 750, dat heescht 1.050 Euro Akommes méi am Joer. Fir d'Bezéier vum soziale Mindestloun mécht dat ab dem 1. Januar mat der Erhéijung vum Mindestloun vun 2% eng Verbesserung vun hirem Akommes tëscht 3,7 an 8,2% aus, jee nodeem a wellecher familiärer Situatioun ee sech befënnt.

De System Chèques-services ass eng weider Mesure, besonnesch zugonschte vun deene Ménagë mat klengem Akommes, am Sënn vun enger méi cibléierter Familljepolitik. De System soll d'Eltere finanziell bei der Betreiung vun hire Kanner an enger Crèche oder Maison relais ënnerstëtzen. Bis zu dräi Stonne soll all Kand gratis betreit ginn, egal wéi héich d'Akommes vun den Elteren ass. Doriwwer eraus ass d'Gratuitéit gestaffelt a Fonctioun vum Revenu vun den Elteren, bis zu 23 Stonnen, an doriwwer muss de vollen Tarif bezuelt ginn, dee maximum 7,5 Euro d'Stonn ausmécht. Dës Mesure gëtt och vun de Gemenge begleet. De Käschtepunkt fir de Stat beleeft sech fir dat éischt Joer op 20 Milliounen.

D'Steiermoossnamen zugonschte vun den Entreprisen hunn als Haaptobjektiv, hir Kompetitivitéit ze verbesseren a Lëtzebuerg als Standuert fir den Ausbau vu bestehende Betriber an d'Installatioune vun neien Entreprisë méi attraktiv ze gestalten.

Esou proposéiert d'Regierung, fir de Steiersaz vun der Kollektivitéitssteier vun 22% op 21% erofzesetzen an d'Taxe d'abonnement ofzeschafen. Si schléit Moossname vir, fir de Mécénat an d'Philanthropie hei am Land ze förderen. D'Philanthropie ass amgaang sech zu engem spezifesch ekonomesche Secteur ze entwéckelen, dee sech un eng Finanzplaz riicht, déi Kompetenzen a Facilitéiten um Niveau vun der Gestioun vun esou Fongen opweist. E Créneau, dee sech also exzellent fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg prêtéiere kéint. De Kolleeg Lucien Thiel wäert nach dorop zréckkommen.

D'Regierung huet décidéiert, déi staatlech Investitiounen op engem héijen Niveau ze halen, fir datt de Carnet de commande vun de Betriber och fir d'nächst Joer uerdentlech ausgesäit, fir datt se weider schaffen a weider Leit beschäftege kënnen. D'öffentlech Hand gëtt d'nächst Joer 1,7 Milliarden Euro fir Investitiounen aus; dat sinn ëmgerechent 70 Milliarden där aler Frang.

Dat sinn Investitiounen an d'Zukunft vun eisem Land, vun deenen déi kommend Generatiounen och nach profitéieren. Investitiounen an de Stroossebau, an d'Eisebunnsnetzer, an d'Datebanken, d'Informatiounsautobunnen, Investitiounen a Schoulen, Sportsinstallatiounen, Kulturzentren, Spideeler, Seniorenheimer, Kläranlagen. Alles Investitiounen, fir d'Liewensqualitéit vun eise Bierger an d'wirtschaftlech Attraktivitéit vun eisem Land ze erhalen an ze verbesseren, an eisem Intérêt, awer och am Intérêt vun eise Kanner a Kandskanner.

D'Regierung investéiert d'nächst Joer vill méi an d'Fuerschung an an d'Universitéit, fir domat eis Wirtschaft an Zukunft méi staark an d'Richtung Wëssensgesellschaft ze positionéieren. Esou huet se décidéiert, fir un engem grousse Projet am Beräich vun de Biotechnologien ze participéieren. De Käschtepunkt ass 140 Milliounen Euro iwwer fënnef Joer. D'Kreditter fir d'Universitéit klammen d'nächst Joer ëm 24%. Och eise Budget zugonschte vun deene ganz Aarmen op dëser Welt gesäit fir d'nächst Joer eng Steigerung vu 17% vir.

Här President, déi Investitioune kënne mer och a méi schwieregen Zäite wéi déi vum nächste Joer tätegen, well mer a gudden Zäiten d'Plus-valuen net iwwer en iwwerdriwwene Konsum ausginn hunn, mä op d'Säit geluecht hunn. Mir hu Reserven ugeluecht, fir an de schlechten Zäiten investéieren ze kënnen an eise Bäitrag zu enger antizyklescher Steigerung vun eiser Wirtschaft leeschten ze kënnen. Eng virsiichteg a wäitsiichteg Finanzpolitik also.

Queesch duerch Europa annoncéieren d'Regierungen elo mat vill Gedäisch Ënnerstëtzungsmoossnamen zugonschte vun der Wirtschaft, fir der Rezessioun entgéintzesteieren. Mir brauchen dat net. Mir haten esou Moossnamen a weiser Viraussiicht an eisem Budget anticipéiert. Dat nennt ee preventiv Konjunktursteigerungspolitik.

Viraussiichtlech wäerten um 31. Dezember vun dësem Joer 1,7 Milliarden Euro an de Spezialfonge leien. Ze bemierken ass, datt dat net nëmmen déi Spezialfonge sinn. Dozou gehéieren och nach de Gemengefinanzéierungsfong an de Beschäftegungsfong; fir nëmmen déi zwee ze nennen. Et sinn d'Fongen am grousse Ganze gesinn.

Sollte mer déi Plus-valuen opgrond vum heitege Stand vun der Exekutioun vum Budget vun dësem Joer erwaarde kënnen, da kéimen nach 420 Milliounen derbäi. D'Speisung vun de Fongen iwwert de Budget, Emprunten an direkt Recettë beleeft sech fir d'nächst Joer op 2,7 Milliarden. D'Dépensë sti mat 3,2 Milliarden zu Buch. Wann alles esou d'nächst Joer ofleeft, hu mer um Enn vun 2009 nach 1,2 Milliarden Euro an de Spezialfongen; also ëm déi 500 Millioune manner wéi dëst Joer. Et gesäit een also, datt, wa mer d'Fongen net méi iwwer Plus-valuë speise kënnen, se lues a lues ausdréchnen.

De Budgetsrapporteur fir d'Joer 2002, de Claude Wiseler, huet deemools geschriwwen, datt ouni supplementar Dotatiounen iwwert d'Plus-valuen d'Fongen 2008 épuiséiert wieren. Deemools waren d'Reserve liicht méi héich wéi haut. Si louche bei 1,4 Milliarden, géint 1,3 Milliarden haut. Fir de Verglach ze komplettéieren, muss een awer och ernimmen, datt d'Statsschold sech deemools op 650 Milliounen Euro belaf huet, an de Rapporteur deemools gemengt huet, datt, wann de Stat seng Politik, wat d'Emprunten ubelaangt, an Zukunft esou géif weiderféieren, d'Statsschold 2008 komplett zréckbezuelt wier. Deem ass leider net esou.

Virun der Refinanzéierungsoperatioun vu Fortis an Dexia huet d'Statsschold ëm déi 800 Milliounen Euro ausgemaach, wouvun der 732 Millioune fir d'Speisung vun de Spezialfonge getätegt goufen. Eis Fonge sinn also net dréchen, awer eis Schold ass och net épurgéiert.

Mir wäerte mat der eventueller Dotatioun vun den dësjährege Plus-valuen 1,7 Milliarden Euro an de Fonge behalen. Wéi scho gesot, komme 732 Milliounen iwwert d'Emprunten, esou datt mer awer ronn eng Milliard méi gespuert hunn, wéi de Claude Wiseler dat 2001 konnt virausgesinn.

Dës Situatioun ass selbstverständlech op déi gutt Evolutioun vun eiser Wirtschaft zréckzeféieren, déi een deemools net an deem Mooss konnt virausgesinn. Si ass awer och de Beweis vun enger konsequent virsiichteger a wäitsiichteger Finanz- a Budgetspolitik vun eiser Regierung. Eis Statsschold huet sech also Enn September vun dësem Joer op ronn 730 Milliounen Euro belaf, wat ronn 2% vum BIP ausmécht. Et sief bemierkt, datt no de Maastrichter Kritäre 60% erlaabt sinn.

Am Kader vun der Refinanzéierungsoperatioun vun deenen zwou systemesche Banken, der Dexia an der Fortis, huet d'Regierung 500 Milliounen iwwer Empruntë gezunn, déi schonn iwwert d'Budgetsgesetzer vun 2006 an 2008 autoriséiert waren, an een zousätzlechen Emprunt vun 2 Milliarden opgeholl, esou datt eis Schold um Enn vun dësem Joer op 3,2 Milliarden Euro klëmmt. Deem géintiwwer muss een awer d'Avoiren an d'Participatioune stellen, déi de Stat a verschidde Gesellschaften an Institutiounen huet. Déi kann ee mat Recht als Contrepartie vun der Schold considéréieren, souzesoen als Garantie fir d'Zréckbezuele vun der Schold.

Den Nominalwäert vun deenen Avoire war um 30. September vun dësem Joer 4,9 Milliarden Euro. Wann een den Nominalwäert vun de Participatiounen an de Privatgesellschaften duerch de Wäert, mat deem se op der Bourse cotéiert sinn, ersetzt, da kann ee roueg nach 1,2 Milliarden derbäirechnen, esou datt een op ee Gesamtavoir vu ronn 6 Milliarden Euro kënnt, géintiwwer enger Schold vun 3,2 Milliarden.

Dobäi däerf een net vergiessen, datt déi Schold vun 2,5 Milliarde fir d'Ënnerstëtzung vun deenen zwou systemesche Banke keng Schold am regelrechte Sënn vum Wuert duerstellt, well mer jo och eppes amplaz kréien, an zwar Aktien, déi een och erëm an Zukunft an eisen Avoire muss erëmfannen. D'Finanzsituatioun vum Stat ass also gesond, dat kann ee mat Sécherheet behaapten, an dat stellt eng gutt Viraussetzung duer, fir datt mer déi Schwieregkeeten, déi op eis zoukomme wäerten, och meeschtere kënnen.

Här President, bei der Analys vum Statsbudget muss een ënnerscheeden tëschent, éischtens, dem traditionelle Statsbudget, esou wéi en no de Regele vun dem Kontabilitéitsgesetz vum Stat opgestallt ass - mir schwätzen an deem Fall vum traditionelle Statsbudget -; zweetens vum Budget, esou wéi en no de Maastrichter Kritären opgestallt ass - mir schwätzen an deem Fall vum Budget vum Zentralstat -; an drëttens de Budget, deen de Gesamtstat betrëfft, dat heescht den Zentralstat, d'Gemengen an d'Sécurité sociale, an deem Fall schwätze mer vum Budget vun der öffentlecher Verwaltung.

Vereinfacht duergestallt: Fir vum traditionelle Statsbudget op de Budget vum Zentralstat ze kommen, rechent een d'Ausgaben an déi eege Recettë vun den öffentlechen Etablissementer, de Fondatiounen, de Statsservicer mat Gestion séparée an de Spezialfongen derbäi. Esou gesinn, schléisst den traditionelle Statsbudget mat engem Iwwerschoss vun 13,2 Milliounen of, de Budget vum Zentralstat mat engem Defizit vu 704 Milliounen, an de Budget vun der Administration publique mat engem Iwwerschoss vu 429 Milliounen. Den Defizit vu 704 Milliounen am Budget vum Zentralstat ass besonnesch op déi héich Investitiounen zréckzeféieren, déi d'Regierung fir dat nächst Joer programméiert huet, am Sënn fir eiser Wirtschaft ee kräftegen „coup de pouce" ze ginn.

Wat den traditionelle Statsbudget ubelaangt, esou muss ee Folgendes ervirhiewen: Éischtens, wéi scho gesot, e schléisst mat engem Iwwerschoss vun 13,2 Milliounen of. Zweetens, d'Ausgabe mat 6,9% wuesse manner schnell wéi d'Einnahme mat 7,3%. Drëttens, déi normal Fonctionnementskäschte vum Stat wuessen nëmmen ëm 3,8%. Véiertens, d'Kapitalausgabe sinn zu 92% vum Iwwerschoss am lafende Budget gedeckt. A fënneftens, vergläicht een d'Ausgabe vum Budget 2009 mat de viraussiichtlechen Ausgaben, déi 2008 wierklech gemaach wäerte ginn, da kënnt een op eng Progressioun vu knapp 1%, also wäit ënnert der Inflatioun.

De Statsbudget schléisst also mat engem Iwwerschoss of, an dat trotz de Mesuren, déi geholl goufen, fir d'Kafkraaft vun de Ménagen an d'Investitiounsméiglechkeete vun de Betriber ze stäerken. Dat mécht ëmmerhi fir d'Upassung vum Steierbarème 342 Milliounen, fir d'Steierkreditter 98 Milliounen, fir de Chèque-service 20 Milliounen a fir d'Deierechtzoulag 8,9 Millioune méi aus. Dat mécht zesumme ronn 469 Milliounen. Wann een d'Upassung vum Steierbarème vum leschte Joer an de Kannerbonus, dee jo och dëst Joer ausbezuelt gëtt, derbäirechent, da kënnt een op 690 Milliounen, déi de Stat 2009 méi ausgëtt respektiv manner erakritt, wéi wann en déi Mesuren net geholl hätt. Dobäi hunn ech dem Ofschafe vum Droit d'apport an de Steiermoossnamen zugonschte vun de Betriber nach keng Rechnung gedroen. Dat ass en décke Pak, fir d'Kafkraaft vun eise Leit ze stäerken.

Här President, deen nevralgesche Punkt vum Statsbudget fir dat kommend Joer stellen d'Recetten, a besonnesch d'Steierrecetten duer. D'Verwaltungen hunn hir Previsiounen opgrond vun hiren interne Berechnungen opgestallt, déi staark op Erfahrungswäerter opbauen, déi awer och den ekonomesche Parameteren, déi fir de Budget zréckbehale goufen, Rechnung droen. Haut wësse mer, datt mer déi Parameteren net erreeche wäerten. Ob mer verschidde Steierrecettë wäerte realiséieren oder net, hänkt awer net eleng vun dem wirtschaftleche Wuesstum of, mä och vun dem Verhale vun de Konsumenten, vun der Reaktioun vun de Betriber, a vun der Vitesse, mat där d'Verwaltungen d'Besteierung vun den ofgeschlossene Jore kënnen duerchzéien.

Wann d'Mesurë fir d'Stäerkung vun der Kafkraaft gräifen, an d'Leit hir Suen hei am Land ausginn, da kënne mer déi Recetten iwwert d'TVA, déi virgesi sinn, och erakréien. Wann eis Betriber hir Avancen net ze vill erofsetzen, an der Hoffnung vun enger schneller Relance, a wann d'Verwaltung versicht, déi Steiersolden, déi nach ausstinn, méi schnell wéi geméinlech eranzedreiwen, da kënne mer och mat de Steiere vun de Kollektivitéite rechnen, déi de Budget virgesäit. Wann d'Betriber, a besonnesch d'Banken, weider Leit astellen, fir dee strukturellen Defizit vun hirem Emploi, deen ëmmer erëm an d'Fënster gestallt gëtt, ze behiewen, da kréie mer och déi Lounsteier eran, déi d'Verwaltung virgerechent huet, well jo da méi Leit eng Aarbecht hunn, oder wéinstens keng Leit entlooss ginn.

Jo, wann! Wann dat Wuert „wann" net wier, da wiere mer all vill méi schlau!

Eent steet fest: Mir kommen net un de Betrag vun der Taxe d'abonnement erun, deen de Budget virgesäit, well déi direkt vun der Evolutioun vun der Bourse ofhänkt, an déi ass am Moment jo net op der gewonnener Säit. Schlussendlech muss ee soen, datt mer an deene leschte Joren d'Steierrecettë regelméisseg ëm eng hallef Milliard ënnerschat hunn. Wéinst all deenen Ongewëssheete schéngt et eis net noutwendeg ze sinn, en Aschnëtt an d'Recettë vum Budget virzehuelen. Sollt en Abroch an de Recettë wierklech kommen, da musse mer eis mat engem Defizit offannen, esou wéi dat vill aner Länner an Europa während Jore scho maachen, mat der Hoffnung verbonnen, selbstverständlech, datt aus dem konjunkturellen Defizit kee strukturellen entsteet.

Här President, nach e Wuert zur Ofhängegkeet vun eise Steierrecettë vis-à-vis vun der Finanzplaz. Wann een d'Moyenne vun de Recettë rechent, déi tëscht 2004 an 2007 an d'Statskeess gefloss sinn, iwwert d'Kollektivitéitssteier, d'Lounsteier, Kapitalakommessteier, d'Tantièmesteier an d'Verméigenssteier - all déi Steieren zesumme maachen ëmmerhi 84% vun den direkte Steieren aus -, wann een déi also zesummerechent, da stellt ee fest, datt iwwer 50% direkt aus de Betriber vum Finanzsecteur fléissen. Bei der Gewerbesteier mécht dat nach eng Kéier 65% aus. Dat ënnersträicht ganz kloer d'Wichtegkeet vun deem Secteur an eiser Ekonomie, an anerersäits awer och d'Ofhängegkeet vun eise Statsfinanze vun deem Secteur. Dat ass fir eis selbstverständlech eng grouss Suerg.

Här President, wat d'Statsausgaben ubelaangt, esou hunn ech a mengen Ausféierungen schonn op déi eng oder aner higewisen, esou datt ech hei versichen, mech op dat Wesentlecht ze beschränken. Wat déi zukunftsorientéiert Investitiounen am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung ubelaangen, esou muss ee sämtlech Investitiounen an de Stroossebau, d'Schinnennetz, de Bau vu Kläranlagen, Schoulen an esou weider, ech hu se schonn ernimmt, awer besonnesch an d'Infrastrukture vun der Uni Lëtzebuerg, an de flächendeckenden Ausbau vun den Informatiouns- a Kommunikatiounsautobunnen, d'Investitiounen an d'Fuerschung an an nei Technologien ernimmen.

D'nächst Joer gëtt den nationale Plang fir eng nohalteg Entwécklung finaliséiert. D'Ënnerstëtzungskreditter fir ekologesch Steierungsprojete ginn ëm 40% erhéicht. Ervirzehiewe bleiwen och nach d'Ënnerstëtzung un d'Gemenge fir de Finanzement vu konventionéierte Projeten am Beräich vun der Gestioun an dem Ënnerhalt vun der Natur, d'Erstellung vun Duerfentwécklungspläng am ländleche Raum, d'Kreditter fir d'Förderung vun Alternativenergien an d'Ausgabe fir den Ëmweltschutz.

Wat d'Ausgaben am Intérêt vun eiser Jugend ubelaangt, esou muss een am schoulesche Beräich besonnesch d'Augmentatioun vun de Kreditter fir d'Orientatioun vun de Schüler ernimmen, de Kredit, op héijem Niveau, vun de Subsidë fir d'Universitéitsstudien, d'Kreditter un d'Privatschoulen an d'Ënnerstëtzung fir den Däitsch-Lëtzebuerger Lycée zu Schengen/Perl.

D'Ausgabe fir d'Kannerbetreiung hunn ech scho beliicht. Et wier nach ze ënnersträichen, datt méi Plazen an de konventionéierte Crèchen an an de Maisons relais geschaf ginn. Fir staatlech Kannerheemer si 5,6 Millioune virgesinn, a fir de Service national de la jeunesse sti 6 Milliounen am Budget.

D'Ausgabe fir d'Animation culturelle ginn ëm 27% erhéicht, d'Participatioun vum Stat um Bau an Ënnerhalt vu regionale Kulturzentre gëtt weidergefouert, an e Programme-pilote fir den Encadrement vun de Jugendéquipen, am Kader vun der Promotioun vum Bénévolat, gëtt vum Sportsminister zesumme mat der Familljeministesch ausprobéiert. Eng Enveloppe vun 11,5 Milliounen, am Kader vum aachte Fënnefjoresplang am Sport, ass fir den Ausbau vun eise lokalen a regionale Sportsinstallatioune virgesinn.

Am Beräich vun der sozialer Ofsécherung an der Solidaritéit muss ee besonnesch ervirhiewen, datt de Stat mat iwwer zwou Milliarden un de Pensiounskeesen an un der Kannergeldkeess participéiert. 0,92% vun eisem Bruttonationalakommes si fir d'Kooperatioun an déi humanitär Hëllef virgesinn. Fir de Finanzement vum nationale Solidaritéitsfong stinn 212 Milliounen am Budget. Mat 27 Milliounen hëlleft de Stat eng Mutualitéit fir d'Employeuren op d'Been ze stellen, déi am Kader vun der Aféierung vum Statut unique an d'Liewe geruff gouf. Eng „Agence immobilière sociale" gëtt vum Wunnengsbauminister, zesumme mat der Familljeministesch, geschaf. D'Kreditter fir de soziale Wunnengsbau an d'Hëllefe bei dem Uschafe vun engem Eegenheem bleiwen op engem héijen Niveau.

Am Beräich vun der Beschäftegung fanne mer fir de Fonds de l'Emploi 170 Milliounen am Budget. Fir d'Gehälter vu Behënnerten an de protegéierten Atelieren oder soss anzwousch um Aarbechtsmaart sinn 21,6 Millioune virgesinn a fir de Fonctionnement vun de protegéierten Atelieren nach eng Kéier 10,8 Milliounen, an et sief nach besonnesch ervirgehuewen, dass zu Biissen en neien Atelier protégé geschaf gëtt.

Am Beräich vun der Famill an der Alters- a Behënnertebetreiung hu mer d'Investitiounen an Altersheemer a Fleegeheemer schonn ernimmt. Fir d'Participatioun vun de Fonctionnementskäschte vun de Centres d'accueil fir Frae stinn 8,3 Milliounen am Budget. D'Kreditter fir de Congé pour raisons familiales klamme vun 3 op 4,5 Milliounen. D'Participatioun vun de Fonctionnementskäschte vu konventionéierte Servicer fir Behënnerter klëmmt op 34 Milliounen, an d'Participatioun vun der Fleegeversécherung bleift op 140 Millioune stoen. Besonnesch ernimmt sief hei nach déi substanziell Erhéijung vun de Kreditter fir d'Formatioun am Beräich vun de Soins palliatifs a vun der Betreiung vun de Leit, déi en fin de vie sinn.

Am Beräich vun der Gesondheet si fir 2009 fir de Bau vu Spideeler 48 Milliounen am pluriannuelle Programm virgesinn a fir d'Mise à niveau vun de Spidolsinfrastrukture sti 70 Milliounen am ordinäre Budget. Den Nuetsdéngscht fir d'Generaliste gëtt ausgebaut: plus 70% an de Kreditter. D'Kreditter fir Stagen am Kader vun enger spezifescher Formatioun am Beräich Médecine générale ginn erhéicht. D'Participatioun un den Dépensë vun de Krankekeese belafe sech op 814 Milliounen an déi vun de Prestations de maternité op 136 Milliounen.

Am Beräich vun der öffentlecher Sécherheet sief besonnesch d'Verstäerkung vun den Effektiver an der Police an an der Justiz ervirgehuewen. Den zweete pluriannuelle Programm vun dem Rekrutement an der Justiz kënnt d'nächst Joer zum Enn. An deene leschten zéng Joer goufen iwwert déi zwee Programmer 110 nei Plazen am Beräich vun der Justiz geschaf.

De Programm fir d'Verstäerkung vun eisem Polizeiapparat gesäit 500 nei Astellunge bis d'Joer 2015 vir. Et wier besonnesch ze hoffen, datt déi Leit dobaussen an Asaz kommen an net an de Büroen ënnertauchen.

Wat d'Beräicher Wirtschaft, Energie, Landwirtschaft a Mëttelstand betrëfft, esou kann een ernimmen: d'Weiderféiere vun den Ënnerstëtzungsmoossnamen um Plang vun de jeeweilege Kadergesetzer, vum Fënnefjoresprogramm am Tourismus a besonnesch d'Participatioun un de Fonctionnementskäschte vun de Lëtzebuerger an internationalen Organismen am Beräich vun der Recherche, dem Développement an dem Transfert de technologie.

Wann ech dëse Beräich fir de Schluss reservéiert hunn, dann net, well en déi mannste Kreditter verschléngt, mä besonnesch well seng Kontributioun zum PIB am gréissten ass. Ouni d'Revenuë vun eiser Wirtschaft kéinte mer keng Sozialpolitik maachen. Et muss nach ëmmer fir d'éischt verdéngt ginn, an dann eréischt kann ee verdeelen. Dat ass bei jiddferengem doheem de Fall an dat ass beim Stat och net vill aneschters.

Et ass mathin e Budget vun der finanzieller Virsiicht a vun der politescher Responsabilitéit. Do, wou an Zukunft investéiert muss ginn, an do, wou de Stat seng Responsabilitéiten um Plang vun der Ëmverdeelung ze huelen huet, do bleiwen d'Ausgaben op engem héijen Niveau. Do, wou agespuert konnt ginn, ouni datt de Liewensnerv vun eiser Wirtschaft oder eiser Gesellschaft beréiert géif, do huet all Minister seng Responsabilitéit iwwerholl an Aschnëtter a sengem Budget akzeptéiert, fir datt déi Ziler, déi dëse Budget viséiert, erreecht kënne ginn.

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, d'Fro, déi ech mer ëmmer scho méi laang stellen an déi sech besonnesch am heitege wirtschaftlechen Ëmfeld eemol méi opdrängt, ass déi, ze wëssen, wou mer hiwëllen: Welche Wuesstum brauche mer? Welche wëlle mer? A welche kënne mer iwwerhaapt nach verdroen?

Duerfir wollt ech wëssen, wéi mer dosti bei eis heibannen an och besonnesch am internationale Vergläich.

De Statsrot huet a sengem Avis en interessante Vergläich opgestallt tëschent Lëtzebuerg a sengen direkten Noperen, wat d'Evolutioun vum PIB, der interner Beschäftegung an der Masse salariale brute iwwert déi lescht néng Joer ubelaangt.

De Statsrot stellt fest, datt an där Zäitspan eise PIB bal zweemol méi séier gewuess ass wéi an eisen Nopeschlänner, datt den Emploi tëschent véier- an zéngmol méi an d'Luucht goung, an datt d'Masse salariale brute bei eis ëm 72% zougeluecht huet, an Däitschland ëm 11%, an der Belsch ëm 37% an a Frankräich ëm 35%.

An enger Etüd vun der OCDE gesi mer, datt de Bruttoduerchschnëttsloun vun engem Jonggesell an Däitschland 94%, an der Belsch nach 85% an a Frankräich nëmme méi 71% vun deem duerstellt, wéi hei bei ons am Land verdéngt gëtt. Um Nettoloun maachen dat nëmme méi 76, 70 an 72% aus. D'Leit verdéngen also bei eis brutto nëmme liicht méi wéi an den Nopeschlänner, kréien awer netto gesi vill méi eraus wéi bei eisen Noperen, well d'Sozial- an d'Steierlaaschte bei eis wesentlech méi niddreg sinn an d'Soziallaaschte jo och deelweis iwwert de Budget finanzéiert ginn.

Eng Berechnung, déi mer selwer an eiser Fraktioun opgrond vun den Donnéeën, déi mer vun der Steierverwaltung geliwwert kruten, opgestallt hunn, ergëtt, datt d'Kafkraaft bei eis am Land an deene leschten zéng Joer tëschent 37 a 49% zougeluecht huet, jee nodeem a welchem Zeenario ee sech befënnt, deen eise Berechnungen zugronn louch.

Déi Ziffere beleeën, datt et falsch ass, ze behaapten, d'Kafkraaft hätt an deene leschte Jore staark gelidden. Et geet eis allgemeng betruecht gutt, heiheem besser wéi virun zéng Joer, an am internationale Vergläich och vill besser, wéi de Leit an Däitschland, an der Belsch oder a Frankräich.

Wat wëlle mer da méi? Wéi vill wëlle mer nach wuessen? Wéi vill musse mer nach wuessen? A wéi vill kënne mer iwwerhaapt nach wuessen? Dat si meng Froen.

D'Statistiken, déi mer all säit enger Zäit kennen, behaapte jo, datt mer eng Croissance vu mindestens 4% bräichten, fir de Finanzement vun eisem Sozialverséchérungssystem an Zukunft ofzesécheren, datt déi Croissance awer dofir och vun engem Beschäftegungswuesstum an dësselwechter Proportioun begleet misst ginn an datt mer eng Croissance vun der Beschäftegung vu 4,5% bräichten, fir de Chômage erofzesetzen.

Aus dem Statsrot sengem Tableau geet ervir, datt eis Croissance an de leschte Jore ganz aarbechtsintensiv war, wat vun de Leit, déi eng Aarbecht fonnt hunn, jo begréisst gëtt, wat awer fir de Verkéier bei eis am

Land laangfristeg gesinn e Problem wäert duerstellen.

Wa mer also un de Wuesstumskritäre festhalen, déi mer, fir de Statistiken ze gleewen, brauchen, da stinn eis zwou Alternative vir: Entweder mir schalten eis Ausgaben, an domadder och eis Sozialausgabe mat Mooss zréck, oder eist Land développéiert sech zu enger eenzeger grousser Metropol, mat all deene Problemer, déi dat eleng um Plang vum Verkéier a vum öffentlechen Transport mat sech bréngt.

Ech si weder fir déi éischt a scho guer net fir déi zweet Alternativ. Duerfir solle mer de Wee vun der Zukunft vun eisem Land an engem Modell sichen, deen éischter op engem Wuesstum vu Plus-valuë wéi op engem aarbechtsintensive Wuesstum berout, deem Modell, dee scho meng Virgänger, d'Rapporteure Jeannot Krecké a Laurent Mosar, an hirem Bericht versicht hunn ze esquisséieren.

Eng Pist kéint déi vun engem Wuesstum sinn, deen op der Fuerschung an der Innovatioun baséiert. Vill vun deenen Avisen, déi eis zougestallt gi sinn, weisen an déi Richtung.

Duerfir begréisse mer och dee groussen Effort, deen d'Regierung um Plang vun der Universitéit, vun der Recherche a vun der Innovatioun ënnerhält.

Här President, och de Conseil supérieur fir eng nohalteg Entwécklung, de CSDD, seet a senger Stellungnahm zur nohalteger Entwécklung vun de Statsfinanzen, datt déi zentral Erausfuerderunge fir d'Zukunft vun eisem Land dora leien:

1) fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land iwwert de Wee vun nohaltegen Investitiounen ofzesécheren, an zwar Investitiounen an d'Innovatioun, an d'Effizienz an an d'Stabilitéit;

2) datt déi mat der demokratescher Entwécklung zesummenhängend strukturell Upassunge misste maîtriséiert ginn,

3) dass eis Gewunnechten an eis Produktiounssystemer un e moderéierte Verbrauch vun den natierleche Ressourcë missten ugepasst ginn.

Den CSDD werft zum Schluss eng Rei vun Themen op, iwwert déi hien d'Responsabele vu Wirtschaft a Politik opfuerdert nozedenken. Ech ginn hei net op déi Stellungnahm vum CSDD an, well mer nach bei Geleeënheet vun der Interpellatioun, déi de Kolleeg Charles Goerens iwwert déi Stellungnahm un d'Regierung geriicht huet, am Detail an dësem Haus dorop wäerten zréckkommen.

Här President, wann een an d'Zukunft denkt, da kënnt een net laanscht d'Entwécklung vun eisem Land. E Paradebeispill vun enger gelongener Rekonversioun vun enger Industriebrooch an hirer Integratioun an déi Regioun, an där se läit, an dat am Aklang mat der Regierungspolitik, wat d'Landesplanung an déi wirtschaftlech Diversifikatioun ubelaangt, ass ouni Zweifel den Développement vum Site Esch/Belval.

Hei sinn duerch d'Ëmstrukturéierung vun der Stolindustrie Terraine vun enger Gesamtsurface vun 120 Hektar fräigestallt ginn, fir déi eng nei Destinatioun gesicht gouf. An enger éischter Phas gouf dru geduecht, fir de Site fir nei Industrieaktivitéiten ze reservéieren. Ënnert dem Impuls vum deemolegen zoustännege Minister fir den Aménagement du Territoire Michel Wolter gouf e Masterplang erstallt, nodeem de Site éischter eng urbanistesch Ausriichtung sollt kréien, am Sënn vun enger neier Konzeptioun vu Landesplanung nom Leitmotiv vun enger konzentréierter Dekonzentratioun.

Esch/Belval soll en neie sozioekonomeschen Zentrum als Pendant vun der Stad Lëtzebuerg ginn. D'Gesellschaft Agora gouf vum Stat zesumme mat der deemoleger ARBED gegrënnt, mam Optrag, den Terrain ze viabiliséieren a privat an öffentlech Promoteuren unzezéien, fir de Site mat wirtschaftlechen Aktivitéiten, kulturellen an administrativen Infrastrukturen a mat modernem Wunnraum ze beliewen. De Fonds Belval gouf an d'Liewe geruff, fir déi öffentlech Investissementer ze realiséieren an ze koordinéieren. E flott Beispill also vun „public private partnership".

De Projet huet awer eréischt richteg décolléiert, wéi d'Regierung décidéiert huet, een Deel vun der Uni Lëtzebuerg op Esch/Belval ze implantéieren. Déi nei Cité vun der Wëssenschaft, der Fuerschung an der Innovatioun sollt d'Kärsteck vun Esch/Belval ginn, ronderëm dat sech ekonomesch, kulturell, schoulesch a sportlech Fräizäitaktivitéiten développéiere sollen. Déi zwee Héichiewe sollen erhale bleiwen a sech als Zeie vun der Entwécklung vun eisem Wuelstand an déi nei Struktur harmonesch integréieren.

Fir landeswäit en „modal split" vu 25/75 realiséieren ze kënnen, ass envisagéiert, fir de Site optimal an den öffentlechen Transport ze integréieren, mat enger zweeter Eisebunnslinn a Richtung Findel via Lëtzebuerg, der Realisatioun vun engem Bus-Tram-Konzept fir den Noverkéier um a ronderëm de Site an dem Ausbau vum bestehende Stroossennetz iwwert d'A4 a Richtung Frankräich, mat der Liaison de Micheville.

Ëm déi 25.000 Aarbechtsplaze sollen hei geschaf ginn a Wunnenge fir 6 bis 8.000 Leit sollen um Site gebaut ginn. Esch/Belval soll, wéi scho gesot, de sozioekonomesche Pendant vun der Stad Lëtzebuerg am Süde ginn, esou wéi d'Nordstad enges Daags dee Rôle am Norde vun eisem Land iwwerhuele soll. Am Sënn vun enger neier Organisatioun vun eisem Land, vun enger Entlaaschtung vum Verkéier a Richtung Zentrum, nom Konzept, schaffen, wunnen a Fräizäit méi no mateneen ze verbannen. Esch/Belval ass e Beispill vu moderner Landesplanungsentwécklung, vu réusséierter Rekonversioun vun alen Industriebroochen a vun enger flotter regionaler a grenziwwerschreidender Integratioun. En Exemple à suivre.

Här President, ech kommen zur Konklusioun vu mengem Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi rezent Entwécklungen an der Wirtschaft weisen dorop hin, datt mer eis a Richtung vun enger Rezessioun bewegen, nodeems mer während Jorzéngten eng bestänneg Wuesstumssteigerung erlieft hunn. D'Finanzkris, déi sech an eng Wirtschaftskris entwéckelt huet, wäert och net ongeschuer iwwer eist Land ewechgoen. D'Finanzkris ass net bei eis entstanen an eis Finanzplaz huet och net zur Entwécklung vun der Kris bäigedroen.

Et mécht awer kee Sënn an et hëlleft eis och net, an och net deenen anere Leit, fir deem engen oder aneren d'Schold an dëser Kris an d'Schung ze schëdden. Am Fong geholl si mer e bëssen alleguer schold drun, well d'Kris sech aus dem System eraus entwéckele konnt. E System, dee mer all, gewosst oder ongewosst, bewosst oder onbewosst, matgedroen hunn, well mer all gutt dervu gelieft hunn.

Déi eng hu vum System profitéiert, déi aner huet de System arrangéiert, an déi grouss Mass huet sech net dru gestéiert. Wéi schnell mer aus de Schwieregkeeten erauskommen, ka keen haut soen. Egal wéi schnell mer erauskommen, mir mussen eng Léier doraus zéien an eis seriö Gedanke maachen iwwert den zukünftegen Encadrement vun eiser Ekonomie an iwwer strukturell Ännerungen an eiser Gesellschaft. Soss huet schlussendlech d'Kris dach näischt Guddes bruecht, a meng Mamm géif an deem Fall eemol net Recht behalen.

Här President, d'Regierung huet iwwert de Wee vum Budget d'Moyenë geschaf, fir datt mer kënnen erauskommen. De Budget, dee mer hei virfannen, ass e Budget fir d'Rezessioun ze contrecarréieren an hir Auswierkungen ze amortiséieren an eis Ekonomie ze relancéieren.

Mam Risque, mech ze widderhuelen: Et ass e Budget vun der Responsabilitéit a vum Vertrauen. Et ass elo un eis alleguer ze kucken, fir datt mer déi Moyenen, déi d'Regierung eis iwwert de Budget verschaaft, och esou notzen, fir datt se hir Objektiver net verfeelen. Et hänkt dofir vun eis alleguer of, ob a wéi mer kënnen aus der Situatioun erauskommen.

Jo, mir kënnen, awer nëmmen, wa jiddfereen an eiser Gesellschaft Säint derzou bäidréit:

Wa mir heibannen drop oppassen, fir keng Texter ze verabschieden, déi der nohalteger Entwécklung vun eiser Wirtschaft onnëtz Knëppelen an de Wee leeën; wann d'Verwaltungen eis Gesetzer am Respekt vun den Texter mat der néideger Diligence an am Sënn vun enger gesonder an dynamescher Entwécklung vun eise Betriber ausféieren; wann eis Betriber vun de reglementareschen a fiskaleschen Avantagë vun eiser Législatioun profitéieren, fir hir Kompetitivitéit am Kader vun der Groussregioun ze stäerken; wann d'Banken hir Kreditbereetschaft fir Wunnengsbau a Betribsinvestitiounen elo just net verschäerfen; wann d'Loyere fir d'Geschäftslokaler keng Dimensiounen anhuelen, déi dem lokale Commerçant den Otem huelen, ier hie säi Geschäft emol opmécht; a wa mer besonnesch a schwéieren Zäiten déi Betriber mat eiser Kafkraaft ënnerstëtzen, déi bei eis am Land hir Steiere bezuelen; wa mer d'Präisser vun den Immobilien esou an de Grëff kréien, fir datt eis Kanner sech nach bei eis am Land eng Wunneng kënne leeschten; wa mer all vill manner egoistesch agéieren a virun allem méi un déi Leit denken, deenen et vill méi schlecht geet, an dat besonnesch dann, wa mer nei Fuerderungen un eis Gesellschaft stellen.

Jo, mir kënnen et schaffen, a mir mussen et schaffen. Mir mussen et, well mer et eisen Elteren, eise Grousselteren an Urgrousseltere schëlleg sinn, déi mat groussem Asaz an ënner schwéieren Aarbechtskonditiounen an ënner villen Entbierungen de Räichtum vun eisem Land geschaf hunn, deen eis Liewensqualitéit vun haut erméiglecht.

Mir mussen et, well mer eise Kanner a Kandskanner et schëlleg sinn, fir hinnen eng Ierfschaft ze hannerloossen, déi och hinnen eng akzeptabel Liewensqualitéit assuréiert. An Zukunft ass vun eis all méi Solidaritéit a manner Egoismus gefuerdert. Nëmmen esou kënne mer aus der Rezessioun eraus. Nëmmen esou kënne mer eise Modell vu sozialer Kohesioun an Zukunft assuréieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur, fir deen ausféierleche Bericht.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn domat um Enn vun eisen Aarbechte fir haut ukomm. Muer de Mëtteg um hallwer dräi gesi mer eis erëm. Dann héiere mer d'Ausféierunge vum Stats- a Finanzminister a vum Budgetsminister.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.02 heures)

Chambre
des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live